

„Sprooch-Helleger“

Wien sech eng Grimm Gedanke iwver eis Sprooch a besonnesch dat geschriwwent Lëtzebuergesch mécht, dee kënnt net laanscht de Michel Lentz, den Dicks an de Rodange. Dat ass och eng ganz richtig Uluucht, well **déi dräi Schreiwerte sinn de Stack vun deem, wat mir, beim néidege Lues-tréppelen, als Lëtzebuerg Literatur kënne kucken** ... esouguer och wann dat éischt gedréckent „Buch“ ronn 20 Joer éischer erauskomm ass: dem Tunn Meyer säi „Schréck op de Lëtzebuerg Parnass“ ... e villzevill glënneregen Titel fir en Heftche vun net grad 40 Säiten am Format „Postkaart“.

Den Dicks (*1824) huet laang duerno an engem Spunnesgedicht dem „Lentze Mich“ dohinnegebass: „*Kuck wou s de stees a wien s de bass, den Zolverknapp ass kee Parnass*“, wat am Fong éischer **op dem Universitëits-Mathematikprofessor Meyer seng bannen a bausse knubbeleg Verse gepasst** hätt (huet dir seng Plack um Gebuertshaus op Nr. 5 an der Dräkinneksaass iwregens ewell gesinn?). Den Dicks an de Lentz, zesoe bal Nopeschjongen (Knuedeler), hu gemaach, wéi wa keen eppes vun deem anere geng wëssen ... ower am Turn- an Theaterveräin, der „Gym“, souzen si niefteneen ... zwéin dichteg Männer; ower, gellid, dee klenggeperpelt „Handwierksnäid“. Dee soll et jo nach haut ginn. Schued.

Den Edmond de la Fontaine ass dann och dee vun eisen dräi „Sprooch-Helleger“, deen als éischte bei de Leit „ukënn“ ... net mat engem Buch, mä mat Theaterstécker: Wat hie selwer alt esou vum Gangler a vum Diedenhofen gehal huet? Mir wëssen et net. An: wien huet déi Zäit schon e Buch, z. B. eisen éischen Dictionnaire vun 1847, kaaft?! Dat verhënnert net, datt mir haut dem Gouverneursjong seng „Saachen“ och nach am Gedréckte kréien; datt seng Liddercher mat Begeeschterung geschmuttert ginn! Intressant ass och nach dat hei: **Den Dicks weist – trotz dem Hank fir d’Lëtzebuergesch – an sengem ganze Wierk am Fong keng speziell Oder vu Léift fir seng Heemecht**. Iergendwéi huet hien als „Patrizier-Jong“ net op deer Gei spille geléiert; net ze spille brauchen; d’Gesellschaft vun deemools war, vun haut aus gekuckt, eng ganz gelungen – dat liest sech liicht aus der Profesch Josiane Weber hirem monumentale Wierk iwver déi „besser“ Familien eraus. Den Dicks war nun emol deer „Décker“ een, an et kënnt ee bal mengen, him wier alles zimlech egal gewiescht, wat hei am Land a rondrem esou geféierlech geramoschert huet. Denkt un 1848 oder un 1867.

Dem **Michel Lentz (*1820)** huet seng Heemechtsléift bis an d’Schanke gesiess. Him verdanke mir jo dann net émsoss de „Feierwon“, den Text vun eisem Nationallidd („Heemecht“) oder „An Amerika“; **et muss een zouginn, datt seng sproochlech a romantesch Oder heinsdo mat him „doduerchgeet“**. De Lentz huet als héige Beamte souzese matzen am „Epizentrum“ vun all deem geschafft, wat sech em dee kleespere Grand-Duché geréiert huet; dat mengerwäreg net ze knapps! De Staatsminister Paul Eyschen – aus verschiddeenen Ursache keen apaarte Frënd vun der Famill de la Fontaine/Dicks! – huet net fir näischt esou déck Stécker op „säi“ Lentz gehal! D’Monument op der „Plëss“ ass Zeien.

De **Michel Rodange (*1827)** ass kee Staadter Jong wéi de Lentz an den Dicks. Hie kënnt vu Waldbëlleg, aus engem „klengen Haus“; de Papp war „Napoleonsdenger“ an huet sech an seng Famill duerno als Schouster duerchgeschloen; do gëtt et also **kee Verglach mat sengen zwéi Schreiw-Kollegen**. Si hunn och keng Notiz vun deem „hiergelafene Bauerejong“ geholl, och wann si säi REENERT oder LÉIERCHEN dach bestëmmt kann hunn ... dat an der Qualitéit vu Sprooch an deem „Banneschten“ e gutt Stéck vir war. De Cornel Meder, en zolitte Germanist, fënnt iwregens och dem Rodange seng däitsch „Saachen“ absolut net schlecht; dat seet genuch! Natierlech verbanne mir den Numm „Michel Rodange“ direkt mam REENERT; **wien eis Geschicht vum 19. Joerhonnert kennt, fënnt direkt eraus, datt den „Nannets-Méchel vu Bëlleg“, dee verhënnerte Schoulmeeschterchen a „besere Cantonier“ vun deenen dräi Sprooch-Helleger am meeschten „drop“ hat.**

Eis Sprooch vun „ëne bis uewen“

Wat ass dat dach „einfach“ gewiescht, wéi och déi „auslännesch“ Kanner an der Zäit an eis Schoule komm sinn; gewëss: si waren net ztu sou „dacks“ an haten och hirt Krämpes mat dem Sproochsystem an de lëtzebuergesche Schoulen ... wat ower net verhënnert, datt mir **op berufflechen an esou guer politeschen Niveauën deer allerdichtegster Leit fanen, déi aus Famillë kommen, wou kee Lëtzebuergesch geschwat huet** an och knapps een hinnen „hëllef“ konnt; dat sëllegen Däitsch am „Primär“ war e Gruef, iwver deen der vill net gutt komm sinn. Am Fransésische waren d’Kanner aus de romanesche Sproochfamilien de klenge Lëtzebuerg zimelech séier iwverleeën; mä **esou em dat 5. Schouljoer huet sech e gewëssent Gläichgewicht gemaach** ... si hunn am Schoulhaff alleguer LËTZE-BUERGESH geschwat! D’Emstänn vun haut sinn anescht ... mä net ouni Hoffnung!

D’Propos, deenen engen zwou Stonnen d’Woch Däitsch an deenen aneren zwou Stonne Fransésich fir déi dräi éischt Primär- pardon Grondschouljoeren – an de Programm bäizesetzen, ass vu gaaaaaaaanz dichtege Leit vru Joer an Dag ënnert den Dësch fale gelooss ginn. Zënter datt d’Spillschoulen déi gakeg Nimm „Précoce/Précolaire“ kritt hunn, ass d’Saach natierlech net manner komplizéiert ginn. **Et ass a bleift ower wouer, datt een d’Männien an d’Mausien aus enger halwer Dose verschidde Mammesproochen ower nëmme mat enger an deerselwechter Sprooch un „integriert“ Fonctionnaire kritt**: Dat ass nun emol d’Lëtzebuergesch. D’Experiment mam Fransésichen am „Mini-Alter“ ass dofir, entschëllegt: laanscht all Dill!

vum Lex Roth



(Zeichnung: O. Jamison)

Sproochen „an der Kopp“

Eis Sproochsituatioun ass fir e sougenannten „normale“ Mënsch vun Hamburg, Lyon, Barcelona, Faro, Manchester asw. einfach net matzékriien. **Déi meescht kennen a kënnen nun emol nëmme déi Sprooch, mat deer si opgewuess sinn**; dat an engem Ëmfeld, wou et och praktesch keng aner gëtt ... bis op dat e bësse „Bretz-Englesch“, dat jo haut iwverrall geeschert.

Et ass och net nei, datt déi éischt Sprooch, an deer ee sech „artikuliert“ huet esouguer am Gehier eng eege Region huet, wat japanesch Wëssenschaftler ewell vru 40 Joer am „*Courier de l’UNESCO*“ explizéiert hunn. Jidder méi spët geléierten „Idiom“ kreest am Kapp rondrem déi Sprooch, déi eis éischt war, souzese eis „Primärsprooch“.

Mat de Mëttele vun haut sinn „se“ dann nach méi wäit: **D’Villsproochegheet (Polyglossie) soll en direkt positiven Afloss op de Risiko „fir Alzheimer“ hunn** ... Wann dee Komplex keng Invitatioun fir eis Statistiker ass ... an eng Chance fir d’Lëtzebuerg!

De „Monni Jos“

... war de **Geeschtlechen a KZler** Joseph Keup, deen äis mat deer schéinsten Gedichter an enger wonnerléiwier Lëtzebuerg Sprooch geschenkt huet. Hie steet **an deer alleréischter Rei vun eise beschten Dichter aus dem 20. Joerhonnert**, zesumme mam Marcel Reuland, dem Tit Schroeder, dem Paul Noesen ...

Den Här Keup kann ee roueg **mam Eduard Mörke vergläichen** ... deen iwregens och (evangelische) Paschtouer war an äis z. B. dat wonnerbart Fréijersgedicht „*Frühling lässt sein blaues Band wieder flattern durch die Lüfte ...*“ geschenkt huet. De Professor Raymond Schaack huet äis de leschten Donneschdeg zu lechnach mat vollem Recht en Etleches vum Jos Keup virgestallt, wou et engem esou richtig waarm am Gemitt konnt ginn ... ärem Schreiwier ganz besonnesch; dat **aus enger ganz apaarter Ursach**: Ech sinn den Här Keup 1978 deen Dag besiche gaang, nodeem de Jean-Paul II Pöpst gi war; de Monni Jos (wéi d’lechnacher Stodenten hie genannt hunn) hat eng Photo vum Karol Woytilln um Dësch stoen a sot mir ganz kloer: „*Ech hunn Angscht fir dee Jong!*“ ... 1981 d’Attentat!

„Bei äis doheem ...“

... guff ni esou gesot“, héiert een dacks, wann engem e Wuert oder en Ausdrock net bekannt ass. Dat giff heeschen, datt soss **jidderee misst de komplette Vocabulaire/Wuertschaz aus senger „Mammesprooch“ kennen. Mä dat ass net esou!** Dir kënnt iech dach net virstellen, datt all Fransous, jidder Däitschen oder Spuenier de ganzen Dictionnaire vun „senger“ Sprooch „an der Kopp“ hätt. Normalerweis sinn am Sproochkuerf vum gewéinlechen „Hausgebrauch“ héchstens 3 000 Wieder; **dat hänkt natierlech och erëm vum sougenannten „Niveau“ bannent enger Famill an dem Ëmfeld of**; hei wiere mir dann um Gebitt vun der „Soziolinguistik“, e Wull- a Bitzkuerf, an deem onheemlech vill Intressantes ass.

D’Sprooch déi mir „drop“ hunn, huet sech aus enger ganzer Rëtsch Ëmstänn eraus entwéckelt. Dat geet ewell domat un, ob d’Elteren an d’Gesëschter „Babbeler“ oder deer „Verpëtzterer“ waren, „deenen d’Ried net esou gutt kënnt“. Et spillt och mat, vu wou d’Elteren hier sinn, an dat net nëmme uertschaftsméisseg, mä och sozial oder intellektuell. Déi nächst Étaap ass dann natierlech **d’Schoul op all hiren Niveauën** ... do „schnape“ mir e Quascht Wieder/Ausdréck, déi ni bei äis – am duebele Sënn – doheem waren. Aus den eenzele Fächer bleift Sproochmaterial hängen, vun deem mir äis herno emol guer net méi bewosst sinn, vu wou mir et hunn. Deen allergréissten Afloss (genee dee richtigen Ausdrock!) hunn d’Sproochfächer an d’Literatur ... do bleiwen **Dosenden an Honnerte vu „Vokabelen“ an eisem Verhalt, ouni datt mir se jee „geléiert“ hätten** ... och wann si „doheem“ a vun der Mamm ni oder anescht gebraucht gi sinn. Dat ass a kuerzen an einfache Sätz e Stéck Explikatioun, firwat de Sproch vun hei uewen net stëmmt.

Am Fréijoe

(Schreifweis 1999)

*Am Rambeli dofte Vioulen;
et fale vum Himmel Trioulen
a Wolleke joen am Bloen
a Spëtze sti gréng un den Hoen.*

*Wéi schleefe meng Beien de Pollen!
Wéi glëtzert de Plou an de Schollen!
Voll Doft ass de Gaart an de Flouer
An d’Härerzer voll Lidder wéi d’Ouer.*

*An d’Wisen a stëllem Getrentel
am Liichteschäi stécken hir Mäntel
a Blumme sti muerges ze wénken
dem Babelbur ënnert de Jénken.*

*O Wiewen! O Wonner! O Liewen!
Ech wëllt wéi de Päiperlek schwiewen!
Mäin Häerz, o et léisst sech net zëssen:
All Blat an all Bléi well ech këssen.*